ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bannenminister weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physesche Persoune gesäit am Prinzip fir, datt Lei, déi zu Lëtzebuerg den internationale Schutz ufroen („DPI") op de „kommunale Waardregëster" (Registre communal d'attente) ageschriwwe ginn.

Dëst Gesetz (Art. 27, Punkt f) bezitt sech allerdéngs ausdrécklech op dat modifizéiert Gesetz vum 5. Mee 2006 iwwert d'Asylrecht, méi präzis op d'Attestatioun déi do an den Artikele 6 an 62 virgesinn ass. Dat modifizéiert Gesetz vum 5. Mee 2006 iwwert d'Asylrecht ass awer duerch d'Gesetz vum 18. Dezember 2015 iwwert den internationale Schutz an den temporäre Schutz ersat ginn.

Weider gesäit d'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physesche Persoune vir, datt de kommunale Register als Basis geholl gëtt fir d'Walgesetz vum 18. Februar 2003, fir de Recensement a fir d'Festleeë vun der Zuel vun den Awunner.

Dëst ka besonnesch fir kléng Gemenge gréisser politesch Konsequenzen hunn, z.B. op de Walsystem (Proporz oder Majorz). Duerch d'Installatioun vun de sougenannte „Kontainerdierfer" kéinte Flüchtlingen (déi 5 Joer am Land sinn) och proportionell eng héich Zuel vun de Wieler stellen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Bannenminister dës Froe stellen:

A: Zum Waardregëster (registre communal d'attente)

1. *Mussen d'Flüchtlinge weider op de Waardregëster vun de Gemengen opgeholl ginn?*
2. *Wa jo, op wéi enger juristescher Basis?*
3. *Muss net virdrun d'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physesche Persounen un d'Gesetz vum 18. Dezember 2015 iwwert den internationale Schutz an den temporäre Schutz ugepasst ginn?*
4. *Wëllt d'Regierung e Projet deponéieren, fir dës Upassung virzehuelen, a wa jo wéini?*

B: Zu de Konsequenze vu Flüchtlingen op dem Waardregëster

1. *Kënne Persounen, déi den internationale Schutz ugefrot hunn, wann se déi aner Konditiounen erfëllen, un de Gemengewalen deelhuelen?*
2. *Ginn dës Flüchtlingen, och wann se de Statut als Flüchtling net unerkannt hunn, bei der Zuel vun der Populatioun berücksichtegt, z.B. bei der Repartitioun vun de Gemengefinanzen oder dem „Pacte logement"?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten